LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

COVID-19: Testing-Dispositif an de Schoulen

# Averständniserklärung fir d'Schouljoer 2021/22 (Mannerjärege Schüler am Secondaire)

Am Hibléck op d'Evolutioun vun der Pandemie zu Lëtzebuerg ass de sanitären Dispositif vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend fir d'Schouljoer 2021/22 ugepasst ginn. Den **Testing-Dispositif** an de Schoule gesäit vun elo u follgendermoossen aus:

- Grondzenario = kee positive Fall an der Klass
- Zenarioen 1 an 2 = 1 oder 2 positiv Fäll an enger Klass
- Zenario 3 = 3 bis 5 positiv Fäll an enger Klass
- Zenario 4 = méi wéi 5 positiv Fäll an enger Klass an/oder méi Klassen, déi betraff sinn

**Den Dispositif fir den Testing am Lycée gëllt am Kader vum Grondzenario an den Zenarioen 1 an 2.**

Esoulaang d'Klass am Grondzenario ass, maachen déi mannerjäreg Schüler am Secondaire **2 Antigène-Schnelltester an der Woch, jeeweils een am Lycée an een doheem**. An dësem Fall ass d'Participatioun **fräiwëlleg**.

Am Kader vun den Zenarioen 1 an 2 gëllt:

- Déi geimpften a geheelte Schüler ginn net a Quarantän gesat. Si kréien eng Ordonnance vun der Sanitärinspektioun, fir – vum 6. Dag nom leschte Kontakt mat der positiver Persoun un – e PCR-Test an engem Laboratoire fir medezinesch Analysen ze maachen.
- Déi net geimpfte Schüler ginn a Quarantän gesat mat enger Ausgangserlaabnis, fir an de Lycée an an d'Educatiouns- an Accueilstrukturen ze goen. D'Ausgangserlaabnis ass un d'**Obligatioun** gebonnen, um verstäerkten Testing deelzehuelen (1 Schnelltest all 48 Stonnen, ënner der Opsiicht vun engem Member vum Léierpersonal).
- Bei net geimpfte Schüler, déi a Quarantän si mat enger Ausgangserlaabnis, gëtt d'Quarantän duerch en negative PCR-Test vum 6. Dag nom leschte Kontakt mat enger positiver Persoun un opgehuewen, esou wéi den Artikel 7 vum Covid-Gesetz et virgëtt. Déi betraffe Schüler kréien eng Ordonnance vun der Sanitärinspektioun, fir – vum 6. Dag nom leschte Kontakt un – e fakultative PCR-Test an engem Laboratoire fir medezinesch Analysen ze maachen.

Wann e Schüler, deen a Quarantän ass an eng Ausgaangserlaabnis huet, an d'Schoul geet, muss en och um verstäerkten Testing deelhuelen an e PCR-Test vum 6. Dag nom leschte Kontakt u maachen, fir d'Quarantän opzehiewen.

Wa Grippesymptomer

- doheem optauchen, gëtt recommandéiert, en Antigène-Schnelltest doheem ze maachen.
- am Lycée optauchen, gëtt recommandéiert, datt de betraffene Schüler sech am Lycée selwer test. Am Fall vun engem positive Resultat testen sech d'Schüler aus der Klass, déi en Averständnis ofginn hunn, och selwer.

Informatiounen iwwer den Test selwer an d'Duerchféieren dovu fannt Dir op www.edutesting.lu. Um Site si Videoe mat Erklärungen, wéi den Test benotzt gëtt, a Froen an Äntwerten (FAQen) an e puer Sproochen.

Jee nodeem, wéi sech d'Situatioun mam Virus an enger Schoul weiderentwéckelt, kann d'Sanitärinspektioun e **Cluster-Testing** vun der ganzer Schoul proposéieren. An dësem Fall ginn d'PCR-Tester vun de mobillen Ekippe vum Staatslaboratoire (LNS) duerchgefouert an d'Participatioun ass **fräiwëlleg**.

Eréischt wann Dir dem Regent d'Averständniserklärung virschréftsméisseg ausgefëllt an ënnerschriwwen ofginn hutt, kann Äert Kand um Testing-Dispositif deelhuelen. Et sief drop higewisen, datt d'Averständnis zu all Moment schrëftlech ka ginn oder zeréckgezu ginn.

Méi Informatioune fannt Dir um Site covid19.men.lu.

---

*Déi gesetzlech Virschrëften iwwer de Schutz vu persounebezunnenen Donnéeën, virun allem déi Rechter, déi de Persounen, déi vun der duerchgefouerter Veraarbechtung betraff sinn, unerkannt sinn (Recht op Zougang zu den Donnéeën, Recht op Löschung, Recht op Rektifikatioun vun den Donnéeën), kënnen ënner den entspriechende Bedingungen an ënner Virbehalt vun den Ausnamen an Derogatiounen, déi virgesi sinn, applizéiert ginn.*

*Wann Dir Froen iwwer d'Veraarbechtung vun dësen Donnéeën hutt oder Dir Är Rechter revendiquéiere wëllt, kënnt Dir den Dateschutzbeoptragten oder säin Delegéierte kontaktéieren (dpo@men.lu), andeem Dir Är Identitéit an déi vun Ärem mannerjärege Kand, wann de Fall et verlaangt, noweist (d. h. andeem Dir eng liesbar a valabel Kopie vun Ärer Carte d'identité a vun där vun Ärem mannerjärege Kand bei Ärer Demande matschéckt).*

COVID-19: Testing-Dispositif an de Schoulen
**Averständniserklärung fir d'Schouljoer 2021/22**
**(Mannerjärege Schüler am Secondaire)**

Ech, deen heidrënner signéiert, d'Madamm/den Här*

(*Numm*) ____________________________________________________

(*Virnumm*) __________________________________________________

(*Telefonsnummer*) _______________________________________

Mamm/Papp/legale Vertrieder* vum

(*Numm vum Schüler*) ____________________________________________________

(*Virnumm vum Schüler*) __________________________________________________

(*Matricule vum Schüler*) ________________________________________________

(*Numm vun der Schoul*) _________________________________________

(*Klass*) ___________________________________________________

**ginn explizitt mäin Averständnis, datt mäi Kand um Testing-Dispositif, deen op der viischter Säit beschriwwen ass, deelhëlt** (kräizt wgl. d'Case(n) un)

- ☐ **am Kader vum Grondzenario (2 Antigène-Schnelltester an der Woch, jeeweils een am Lycée an een doheem) an am Fall vu Symptomer bei engem Matschüler.**
- ☐ **am Kader vum Cluster-Testing (PCR-Test, dee vun de mobillen Ekippe vum Staatslaboratoire duerchgefouert gëtt).**

Meng Participatioun bréngt noutwennegerweis mat sech, datt **d'Resultat vun all PCR-Test, deen am Lycée gemaach gouf, an déi perséinlech Donnéeën** (Numm, Virnumm, Matricule, Adress an Handysnummer) un d'**Sanitärinspektioun** weidergeleet ginn.

Duerch meng Participatioun verflichten ech mech och

- **all positiivt Resultat, dat doheem festgestallt gouf, bei der Schoul an der Sanitärinspektioun ze mellen (Site: https://covidtracing.public.lu/covid oder Hotline: 247-65533).**
- mäi Kand am Fall vun engem positiven Test, deen am Lycée gemaach gouf, esou séier wéi méiglech sichen ze kommen. Fir dat ze maachen, wëll ech, datt d'Schoul

  d'Madamm/den Här* : ____________________________________________

  iwwer d'Handysnummer: _________________________________________ kontaktéiert.

***Andeems Dir dëse Formulaire areecht, akzeptéiert Dir, datt Är perséinlech Donnéeën esou wéi uewe beschriwwen traitéiert ginn.***

Opgestallt zu (*Uertschaft*) ______________________, den (*Datum*) ______________________,

Ënnerschrëft _______________________________________________

**Gitt de Formulaire wgl. esou séier ewéi méiglech an der Schoul of.**

___________________________

*Maacht wgl. e Krees ëm d'Mentioun, déi zoutrëfft.